PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 08/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet, Ëffentlechen Déngscht & Gesondheet weiderzeleeden.

Säit dem 27ten Abrëll 2020 gëtt et de Large Scale Testing (LST) zu Lëtzebuerg, mam Zil besser informéiert ze sinn an d'Kris besser geréieren ze kënnen.
An der lescht gouf reportéiert, dass op verschiddenen LST-Statioune Iwwerwaachungskameraen opgestallt goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass der Regierung bekannt, dass Iwwerwaachungskameraen op den LST-Statiounen installéiert gi sinn?
    - Falls jo: Aus wat fir Grënn gouf dat esou decidéiert?
2. Wou ginn d'Date vun den Iwwerwaachungskamerae gespäichert?
3. Fir wéi laang ginn déi Informatioune gespäichert?
4. Goufe just op bestëmmten LST-Statiounen Iwwerwaachungskameraen ubruecht oder an allen Teststatiounen?
    - Wann se just op bestëmmten Teststatiounen installéiert goufen: Wéi eng Teststatioune krute Kameraen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député